N° 7679
Entrée le 21.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7679 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen zum Sujet "Listes des candidats pour les élections communales"**

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Fro iwwert d'Interpretatioun vum Artikel 228, Alinéa 1, vum ofgeännerte Walgesetz vum 18. Februar 2003 iwwert d'Presentatioun vun de Kandidateléschten an de Gemengen, déi nom Proporzsystem wielen. An deene Gemenge kënnen d'Lëschte vu 50 ageschriwwene WielerInnen presentéiert ginn.

D'Presidente vun den Haaptwalbüroe vun de "Chefs-lieux de Circonscription" bei de Chamberwalen hu sech dofir ausgeschwat, fir bei der Praxis aus der Vergaangenheet ze bleiwen, an hu festgehalen, dass déi 50 WielerInnen, déi d'Lëscht presentéieren, net gläichzäiteg KandidatIn op där Lëscht dierfe sinn..

Ech hunn d'Gemenge per Circulaire gebieden, dës Informatioun un de President vun hirem Haapt-walbüro virun ze leeden, fir eng eenheetlech Applikatioun vum Walgesetz ze garantéieren.

Lëtzebuerg, de 21/03/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding